



deg sinn. Ech mengen, d'Règlement-grand-du-calle si jo d'Exekutiounsbestëmmunge vun deem Gesetz hei. Mä parallel soll dat alles fäerdeggestallt ginn. A bis de Summer soll och deen Internetsite stoen, wou dann am Fong d'Adjudicateur-publike sech kënnen inspiréieren.

Ech wëll awer och direkt soen: Deen Internet-site, dee betrëfft nëmme Marché vu Fournituren. Dat heescht zum Beispill: Wat fir eng Botzmëttelen - wann ech Botzmëttelen wëll no ekologesche Kritären drasetzen - oder wat fir e Büromaterial, Aarbechtskleedung? Also alles, wat geliiwert gëtt, wat Fournituré sinn. An en adresséiert sech och virun allem, fir net ze soen ausschliisslech un d'Adjudicateur-publike selwer, fir datt se sech do kënnen deementspriedend informéieren.

Mä et gëtt jo net nëmme den Internetsite. Et gëtt doriwwer eraus och eng Rei Saachen, déi et haut scho gëtt, déi mer och wäerten à jour setze respektiv nach ausbauen. Dat eent ass den Internetportail vun de Marché-publike. Do kennt eng Mise au point, wou déi nei Legislation natierlech dropstoe kennt, mä awer och erkläert gëtt, wat wirklech nei dorunner ass, wéi een dat kann asetzen.

Da gëtt et och d'Sekretariat vun der Commission des soumissions. Der Commission des soumissions hire Rôle gëtt jo och opgewäert duerch dat Gesetz hei. An et kann ee sech natierlech och beim Sekretariat mellen a sech do informéieren, wann een e Cahier des charges opstellt, als Gemeng zum Beispill, ob een dat kann esou oder esou maachen, ob dat richteg ass.

Dann ass de CRTI-B amgaangen, e Guide fir d'Notzung vun deem Gesetz hei haaptsächlech am Bausecteur, also Critères de sélection fir de Bausecteur, auszeschaffen. Och dat ass e wichtige Guide herno, dee ka benotzt ginn, wann een e Cahier des charges opstellt.

An ech mengen, et wär effektiv net schlecht, wa mer och géifen op de Wee goen, wann d'Gesetz elo gestëmmt a publizéiert ass, datt mer mat de Gemengen zesumme vläicht zwou, dräi Informationsversammlunge géife maache fir d'Gemengen, wou vläicht och meng Beamten zesumme mat vläicht aneren Akteuren dat kéinte kucken. Mir musse vläicht eng Kéier driwwer diskutéieren, wéi mer dat kéinten opbauen, datt mer esou wirklech eng Aart Formation maache fir d'Gemengen, wéi een heimadder kann ëmgoen. Also dat adresséiert sech hei och haaptsächlech u kleng Gemengen, géif ech da soen, déi eben net déi Moyenen hunn, wou ech virdru beschriwwen hunn.

Wat kann ee sech hei elo dovun erwaarden? Wat soll sech ännere vum Gesetz? Ech mengen awer, datt ee sech vill kann erwaarden. Well net nëmme ass et jo esou, datt mer en neit Gesetz heimadder stëmmen, wou mer nei Méiglechkeete kréien oder méi kloer Méiglechkeete kréien, fir zum Beispill nohalteg a sozial Kritären ze schafen, mä mir ginn ons jo och e ganzen zousätzlechen Instrumentarium ronderëm, fir ze mobiliséieren, datt och d'Adjudicateur-publike an déi heite Richtung ginn. Well dat hei ass jo extrem wichtig.

De Stat ass effektiv e groussen Auftraggeber an dréit vill dozou bäi, datt eis Économie de Moment dréit. Wann ech eleng an der Baubranche kucken, wivill Projekte mer de Moment hunn, dat ass enorm. An donc huet de Stat och hei eng Virreideroll ze spillen, fir datt sozial an ekologesch Kritären an der Gesellschaft op engem héije qualitativen Niveau si respektiv och respektéiert ginn.

Also de Projet de loi ass net, wéi gesot ginn ass, minimalistesch ëmgesat ginn. Mir hunn en esou ëmgesat, mat alle Méiglechkeeten dran ausgeschëpft, wéi d'Direktiv eis et erlaabt. Ech mengen, et muss een ëmmer drun erënneren: Hei ass den Hannergrond eng europäesch Direktiv, do ass een awer am Spillraum agëengt. Ech wëll awer och derbäisoen, datt dat heiten awer eng Direktiv ass... Et gëtt ëmmer vill mam Fanger op Bréissel gewisen, op d'Kommissioun, wéi wann do des Teufels Werk géif dauernd ausgeschafft ginn. Dat ass net wouer. Et komme vill Direktive vu Bréissel, déi sinn effektiv positiv an déi bréngen eis oft méi séier weider a Sozialfroen an ekologesche Froen, wéi wa mer d'Nationalstaten eleng géife gewärde loosse.

Well ech soen lech, wann dat, wat elo hei dra-steet, an deenen eenzelnen EU-Länner, mat deenen ënnerschiddleche Kulturen, déi do sinn, misst ausgeschafft ginn, da kéim net dat heite Resultat dobäi eraus! Do sinn ech awer fest dovun iwwerzeegt. An duerfir ass dat hei en Text, dee scho vun der Basis hier gutt ass. A mir hunn och versicht, wéi gesot, de Maximum draus ze maachen. An duerfir erwaarden ech mir och, datt mer duerch dat Gesetz hei d'ekologesch an d'sozial Standarde besser maachen zu Lëtzebuerg respektiv datt et och hëlleft, a

verschiddene Branchen de Sozialdumping ze bekämpfen, och wann ech awer ëmmer erëm wëll betounen, datt dat Gesetz hei net um Terrain kann d'Aarbecht maachen.

Dat war jo d'Diskussioun, déi mer ee Moment an der Kommissioun haten, och well se deelweis aus dem Secteur komm ass, wou gesot ginn ass: „Dir musst am Text nach méi Barrieren abauen géint de Sozialdumping zum Beispill.“ De Sozialdumping musse mer bekämpfen och iwwer eben aner Méiglechkeeten, déi mer hunn. An dat sinn och déi richteg Méiglechkeeten, nämlech Kontrollen um Terrain iwwert d'Inspection du travail. Dat heescht, mir hu jo och Aarbechtsgesetz, déi matspillen, d'Detachementsgesetz ass elo eréischt gestëmmt gi rezenterweis. Also alles dat si wichtig Elementer, déi heimadder zesumme selbstverständlech spillen. Mä ech mengen, et muss een alles op där Plaz kucken ze regelen an ze kontrolléieren, wou et Sënn mécht.

Ech mengen, datt mer hei an deem Sënn e gudden Text gemaach hunn. Mir wäerten et awer och ganz sécher bei esou engem wichtege a komplizéierten Text wéi deem hei maache wéi ëmmer: Ech géif soen, no engem, zwee Joer maache mer eng Auswärtung dovunner. A ganz sécher wäerten iergendwann och eng Kéier hei Nobesserunge gemaach ginn. Dat ass och normal. Dat ass logesch, wann ee weess, wat fir eng Envergure hei hannendrun ass. An duerfir, wéi gesot, géif ech soen, no engem, zwee Joer muss een de Bilan maachen a kucken, wéi een den Text vläicht dann nach op verschiddene Punkten, wou Schwaachstelle sech ausgestallt hunn, verbessert.

Nach eng Kéier Merci, Här President, fir déi breet Zoustëmmung.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. A mir kënnen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6982 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6982 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procurationen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

A mir hunn d'Unanimitéit vun deenen 59 Deputéierten, déi um Vott deelgeholl hunn.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Martine Mergen), Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par Mme Cécile Hemmen), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusti Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser) et Fernand Kartheiser;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Da froen ech d'Chamber nach, ob se d'accord ass, fir d'Dispens ze froen.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Motions

An da si mer mat deenen zwou Motioune saiséiert. Kann ech dovun ausgoen, dass se genügend diskutéiert sinn?

(Assentiment)

Kënne mer dann, vu dass se aus engem Konsens eraus entstane sinn, mat Handophiewen ofstëmmen?

(Assentiment)

Fir d'Éischt déi éischt Motioun.

Vote sur la motion 1

Wien derfir ass, gëtt wann ech gelift en Handzeechen!

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Mir hunn Unanimitéit.

Dann d'Motioun Nummer 2.

Vote sur la motion 2

Wien derfir ass, gëtt och hei wann ech gelift en Handzeechen!

Wien ass dergéint?

Ginn et Enthaltungen?

Och hei hu mer Unanimitéit. Also sinn déi zwou Motiounen ugeholl.

Voilà. Wann ech gelift. A mir géifen zum nächste Punkt iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 7111 betreffend déi fix Radaren oder vill méi hir Konsequenzen.

(Brouhaha et interruption)

Duerno? Oh, oh! Jo, déi Blieder sinn esou dënn, dass ech der zwee matenee geholl hunn. Ech entschëllege mech beim Här Rapporteur. Elo kennt de Projet de loi 7101, d'Ofännerung vun der Verkéiersreglementatioun. An den Här Henri Kox, de Rapporteur, huet d'Wuert.

3. 7101 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Henri Kox (déi gréng), rapporteur.**- Jo, Merci, Här President. Och dëst Gesetz ass zumindest ganz an der Aktualitéit, well et geet drëms, eis Strofen ze adaptéieren, insbesondere dann, wa Schmu gedriwwen gëtt.

Ëm wat geet et ganz genau hei?

Et geet drëms, eng Direktiv vun 2007 nach eng Kéier nozebesseren an d'Gesetz dozou unzepassen. Dat ass d'Gesetz vum 14. Februar 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques.

Ëm wat geet et bei deem Gesetz?

Ma do geet et och ëm déi sougenannten Homologatioun vu Motoren, vun Autosmotoren. An, fir net den Numm ze soe vun engem bestëmmten Automotor, deen och hei a Lëtzebuerg homologéiert gëtt an och vun eise Service zu Sandweiler homologéiert gouf an, wéi Der jo alleguerter wësst, bei deem ganz décke Schmu gedriwwen ginn ass.

Eist Gesetz selwer, well d'Direktiv dat virgesäit, soll natierlech Sanktiounen virgesinn. An déi Sanktiounen waren a Prozeduren iwwert déi lescht Joren awer duerch e Règlement grand-ducal ewechgefall, net méi richteg adaptéiert ginn an d'Gesetz.

Gläichzäitig ginn nach aner Upassunge gemaach, also am Ganzen dräi an deem Gesetz. Dat Éischt ass d'Sanktiounen. Dat ass ganz wichtig, Sanktiounen, wann ebe Schmu gedriwwen gëtt bei dem Unerkennung vun engem Motor, vun enger Technik. De Constructeur gëtt dann zur Verantwortung gezunn.

Dat Zweet: Et gëtt awer och hei profitéiert der-vun, dass alleguerter déi Leit, déi sech drëms këmmen, fir déi Homologatioun ze maachen, natierlech vereedegt musse ginn. An et ass eng Simplification administrative u sech gemaach ginn, dass eben net ganz Sandweiler oder déi ganz administrativ Aarbechter, Beamte mat vereedegt ginn, mä just deejéinegen, dee sech ëm déi Technik do këmmert.

Gläichzäitig sinn natierlech och nach Vereinfachunge gemaach ginn, Adaptatiounen, wéi zum Beispill e Motorhome, dee muss net onbedéngt all Joers dohinner kommen. Et sinn déi kleng technesch Adaptatiounen.

Firwat war déi Upassung néideg?

Ma déi Upassung war effektiv néideg, well déi Sanktiounen an engem Règlement grand-ducal stoungen. 2005 huet de Statsrot gemengt, dass dat natierlech net an de Règlement grand-ducal gehéiert, mä an d'Gesetz geschriwwen gehéiert. Leider war 2005 verpasst ginn, d'Gesetz deemools unzepassen, soudass mer haut gezwonge sinn, dat dann nozehuelen an entspriedend och mat deenen néidege Sanktiounen ze versinn.

Ech mengen, Dir kennt lech all erënneren, wéi déi ganz Affär un d'Rulle komm ass, du war Lëtzebuerg och e bëssen am Fokus. Ech muss awer soen, dass d'Regierung ganz séier do gehandelt huet. Ech mengen, Dir kennt dat och nach nokucken.

De 6.2.2017 gouf eng Pressekonferenz gemaach, wat alles bei där Sanktioun duerchgezu ginn ass. Et ass nämlech eng Klo gemaach gi géint Onbekannt, ebe fir déi Leit dann zur Verantwortung ze zéien um Penalen, déi derzou gefouert hunn, dass effektiv Motoren op de Marché komm sinn, déi sech eben net un déi Normen halen, déi d'Direktiv u sech virschreift; de VW-Skandal, wéi en och gemengerhand ge-

nannt gëtt. An dofir ass et och wichtig, dass dee Prozess elo weidergefuert gëtt an et zu enger Sanktioun kënnt.

Wat ass dann elo d'Strof, déi agefuert ginn ass?

D'Strof ass am Artikel 4 nei definéiert ginn. Dat geet vun éischters 8 Deeg bis 3 Joer, déi ee kann an de Prisong gesat ginn, respektiv enger Strof vun 251 bis 500.000 Euro. A virdrun huet e Kolleg mech gefrot: Ass dat da fir all Auto, dee falsch ugemellt gouf, déi 500.000 Euro? Mä effektiv neen, dat ass ee Gesamt fir déi Responsabel, fir déi dann och zur Rechenschaft ze zéien.

Dat sinn déi Ännerungen, déi an dësem Gesetz agefloss sinn.

Vläicht nach zu den Eckdate vum Dépôt vum Gesetz bis haut dann zur Stëmmung. Den 12. Dezember 2016, also relativ schnell nodeem et zu där Affär komm ass, huet de Minister d'Gesetz iwwerschaft an ass och den Dépôt gemaach ginn. De Statsrot huet den 28. März 2017 säin Avis ginn. D'Chambre des Métiers an d'Chambre de Commerce hu respektiv Avisen zum Gesetz gemaach. Ech selwer gouf den 8. Januar 2018 nominéiert, fir de Rapport ze maachen. An den 1. Februar hu mer de Rapport eestëmme an der Kommissioun ugeholl.

Ech wëll dann ofschléissen, ouni awer ze vergiessen, Merci ze soen. Merci fir déi gutt Informatiounen, déi ech nach zousätzlech kritt hunn, fir dee Rapport mëndlech hei virzedroen. A selbstverständlech och der Kommissioun Merci fir d'Zoustëmmung. An ech ginn d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun zu dëser Ännerung vum Gesetz.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. Dann hunn ech eng Wuertmeldung vum Här Marc Lies.

Discussion générale

► **M. Marc Lies (CSV).**- Jo, Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech wëllt och vun dëser Plaz dem Henri Kox e ganz, ganz décke Merci soe fir dee komplette Rapport. En huet praktesch alles gesot zu deene ganzen Adaptatiounen, déi hei gemaach gi sinn. Ben, ech mengen, Dieselgate, wéi den Henri Kox scho gesot huet, ass iwwert déi lescht Méint a Joren in aller Munde. Duerfir ass et wichtig, datt och de Legislateur do effektiv e Rigel virschibt, fir alleguerter deene Falsifikatiounen a Problemer, déi doduerch opgetruede sinn, entgéintzewierken.

Wat vläicht nach ze bemerken ass, dat ass, datt och eng Dispositioun bäigesat ginn ass mat de Motorhomen oder Mobilhomen, wéi ee se och ëmmer wëllt bezeichnen, ënner 3.500 Kilo, mengen ech, wat Ween sinn, déi net onbedéngt all Joers mussen dann an de Contrôle technique goen, datt déi no deeneselwechten Dispositiounen wéi d'Klass M1 an Zukunft och kënne kontrolléiert ginn. An ech mengen, all de Rescht, dat huet den Henri Kox a sengem mëndlechen awer och schrëftleche Rapport mentionnéiert. Duerfir, an deem Sënn wëllt ech dann och den Accord vun der CSV-Fraktioun ginn.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Dann den Här Yves Cruchten.

► **M. Yves Cruchten (LSAP).**- Merci, Här President. Ech kann et och relativ kuerz maachen. Den Här Kox war ausfäerlech, souwuel a sengem schrëftleche wéi a sengem mëndleche Rapport. An e kritt och dofir d'Zoustëmmung zu deem Gesetz vun der sozialistescher Fraktioun.

Ech wëllt awer gären och vun der Geleeeenheet profitéieren, zwee Wuert ze soen zu dem Hauptpunkt, dee mer an deem Gesetz do änneren, nämlech zu deem sougenannten Dieselskandal.

Ech mengen, et ass scho richtig, dass mer eis Gesetzter verschärfen, wann Autosconstructeurs fuddele bei den Tester respektiv bei den Homologatiounen. Ob elo déi 500.000 Euro Maximalstrof d'Constructeurs wäerten impressionéieren, dat sief dann dohigestallt. Mä grondleeënd ass et awer richtig, dass mer dëst Gesetz maachen.

Et ass awer och just en Deel vun enger Äntwert op dee sougenannten Dieselskandal. Mir brauchen nämlech - an ech sinn iwwerzeegt, dass den Här Minister mer do recht gëtt - standardiséiert Tester an der EU fir d'Moose vun den Ofgasen an Emissiounen, déi engem nor-



male Fuere mam Auto méi no kommen. Mir brauchen nämlech Verbesserung vum den Emissiounen op de Stroossen an net just um Pabeier.

A mir sollten eis onbedéngt iwwerleeën, Méiglechkeeten ze schafe fir d'Konsumenten, fir dass si sech besser wiere kënnen, zum Beispill iwwert de Wee vu Sammelkloen. Mir gesi jo, wéi zum Beispill an Amerika esou Sammelkloen eppes kënnen bewierken. An den USA goufen déi geschiedegt Propriétaire vum dem Constructeur finanziell entschiedegt. A bei eis, do krute se en Update vun der Software gemaach.

Mä ech mengen, am grouse Ganzen ass dat Gesetz richteg an et verdéngt alleguerten eis Zoustëmmung.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Den Här Gusty Graas kritt d'Wuert.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, u sech kann een e bësse weiderfuere no deenen Ausféierungen, déi een am Gesetz virdru gemaach huet, wou gesot ginn ass, datt et un der Politik ass, e gudde Ramen ze setzen, datt d'Ekonomie sech kann entwéckelen.

Op där anerer Säit huet d'Ekonomie allerdéngs awer och eng Verantwortung ze iwwerhuelen, an zwar net dee Ramen ze abuséieren. An dat ass awer leider hei a verschiddenen Domäne geschitt, besonnesch an der Automobillindustrie. Duerfir ass et gutt, datt mer eis haut och e legislative Kader ginn, fir datt déi Leit, déi mengen, si missten nach ëmmer d'Profitmaximéierung méi no uewe steieren, awer hir Grenze gesat kréien.

Duerfir ass dat hei, wéi gesot, e gudden Text, nieft deenen anere méi klengen Detailer, déi mer hei änneren, déi awer och net onwichtig sinn. An dowéinst kann ech, wéi gesot, dann och d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei bréngen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Graas. Da wär et um Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Jo. Merci, Här President. Ech mengen, och dëst Gesetz wäert e Konsensus kréien. Och vun eiser Säit aus e grouse Merci un de Rapporteur. An ech mengen, et ass esou wäit alles gesot. Ech wëll et also net nach eng kéier widerhuelen. Vun eiser Säit aus also och e positiven Avis.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun an den Här Nohaltegkeetsminister huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur fir säi gudde schréfflechen a mëndleche Rapport an allen Deputéierten a Fraktiounen fir déi breet Zoustëmmung.

Dat, wat mer haut hei ofstëmmen, mindestens e gudden Deel dovunner, dat ass een Deel vun den Äntwerten, déi mir ginn hunn am Ministère op de ganzen Dieselskandal an dat, wat alles do ronderëm hänkt. Dir kënnt lech drun erënneren, mir hu jo eng ganz Rei Saache gemaach.

Mir hunn en Audit gemaach bei der SNCH, wou Konkusiounen erauskomm sinn. Déi wichtegst war natierlech déi, datt elo zu Lëtzebuerg, par rapport zu deem, wéi d'Autoen hei homologéiert gi sinn, stroferechtlech näischt Relevantes erauskomm ass an deem Audit an datt méi gesot ginn ass, datt ee misst kucken, wéi een d'SNCH strukturell nach besser opstellt, fir datt se an Zukunft an deem dote Bërich - wéi soll ech soen? - nach méi...

Alles kritt ee jo souwisou ni duerchkuckt, wat verschidde Leit maachen, d'autant plus wa se mat esou engem krimineller Energie fuddelen, wéi hei gefuddelt ginn ass an deem ganze Skandal. Mä awer sinn do eng ganz Rei Saachen erauskomm. An déi sinn an der Ëmsetzung, déi Saachen. Mir hu strukturell scho viles verännert, wat eis wäert an Zukunft hëllefen, datt mer do nach besser opgestallt sinn.

Dann hu mer och eng Plainte gemaach, dat wësst Der och. Et ass jo net, well mer dat hei net haten, déi Strofmesuren, déi mer elo haut hei stëmmen, datt mer keng Méiglechkeete gehat hätten, fir juristesche virzegoen. Mir hunn dat gemaach. Mir hunn e ganzen Dossier ze-

summegestallt a mir hunn dee beim Parquet deposéiert. An do leeft och de Moment eng Enquête. Dat ass elo bei der Justiz. Duerfir wëll ech mech och dozou net méi äusseren. An dat soll och heibanne kee maachen. Ech mengen, d'Justiz, déi mécht do hir Aarbecht.

An da sinn eng ganz Rei méi kleng Detailsaachen nach gemaach ginn an deem ganze Kontext, op déi ech awer elo hei de Moment net méi wëll agoen. Mä dat hei ass awer och ee wichtegen zousätzlechen Aspekt, och een, wou mer vu Bréissel am Kontext vun där ganzer Af-fär geschriwwen kritt haten, well mir keng spezi-fesch Sanktiounen an eiser Gesetzgebung hate bis elo. A mir sinn awer direkt, wéi dee ganze Skandal ausgebrach ass a mer dat alles gekuckt hunn a mer dat festgestallt hunn, op de Wee gaangen, fir déi Sanktiounen ze schafen iwwert dat Gesetz hei. Duerfir gëtt dat hei jo haut gestëmmt.

Ech wëll och soen, datt ee sech keng Illusiounen soll maachen, datt esou Softwareupdaten a wat nach alles elo dobäi erauskomm ass bei eisen Nopeschlänner oder och bei Kloen, bei Sammelkloen, déi gemaach gi sinn op anere Plazen, datt dat elo géif viles um Fong vum Problem änneren. Well déi Softwareupdaten, wann een do e bëssen d'Fachliteratur liest, stellt een awer och do fest, datt dat - wéi soll ech soen? - méi e psychologeschen Effekt huet, wéi datt et reell eppes bréngt fir d'Loftqualitéit dobaussen oder par rapport zu den Emissiounen vun den Autoen.

Ech bleiwe bei menger Meenung, dat ass, datt, wa mer gären hei de Problem grundsätzlech léisen, da mussen mer alles drusetzen, datt mer ewechkomme vum Verbrennungsmotor. Dat ass déi eenzeg Léisung.

An egal wat lénks a riets gezielt gëtt, Dir gesitt dat jo och ëmmer, wéi dee Skandal nach duerno weider geschloen huet, wann Der elo matkritt hutt, wat geschitt ass an deene leschte Wochen, wou erauskomm ass, wat fir eng Tester do gemaach gi sinn, mat wat fir enger... - loosse mer soen -, mat wat fir enger..., also, ech fanne scho bal keng Wieder fir dat, wat do gemaach ginn ass, deelweis un Déieren oder souguer u Mënschen, fir am Endeffekt esou Tester maachen ze loosse vun Instituter, déi vu sech aus selwer, datt ass jo och entre-temps erauskomm, éischter Lobbye si vu verschid-dene Leit. Also ech mengen, do gesäit een, wéi wäit datt dat Ganzt geet. An ech mengen, déi eenzeg richteg Solutioun ass: ewech vum Verbrennungsmotor! Ech bleiwe bei där Meenung.

Ech sinn awer natierlech och fir Sammelkloen. Dat ass zwar net meng Kompetenz, mä dat ass dem Wirtschaftsminister seng Kompetenz. Ech weess awer och, datt de Wirtschaftsminister un enger Ännerung an der Gesetzgebung schafft, fir datt ee Sammelkloe ka maachen. Well ech mengen, et ass méi wichteg, fir finanziell Entschiedegungen erauszuschloen, an déi wirken och méi als Drockmëttel wéi all méiglech anert technesch Gefummels, wat een nodréiglech mécht, wann en Auto op de Marché bruecht ginn ass, deen net de Standarden entsprécht, deenen e misst entsprechen.

Dann ass jo och déi nei Real-Driving-Emissions-Direktiv, déi elo a Kraaft ass. Do wäerten och eng Rei Ännerungen kommen um Niveau vun der Kategorie, an déi d'Autoen herno falen. Mir si jo amgaangen, dorun ze schaffen, wéi mer déi Transitionunphas hikréien. An dann, ab engem gewëssene Stéichdatum wäerten dann natierlech Autoen, nei Autoen, déi verkaaft ginn, eben ënnert déi Kritäre falen.

An ech mengen, wat wichteg hei ass, dat ass, datt mer näischt Réckwierkendes maachen. Mir kënnen jo net d'Consommateure strofe fir eppes, wat se net woussten, wéi se den Auto kaaft hunn, a woufir se elo géife réckwierkend bestrooft ginn. Dat ass meng Suerg ëmmer. Ech fannen, dat ass e falscht Signal. Wann een eppes, eng Reglementatioun ännert a verschäerft, da soll se verschäerft gi fir d'Zukunft. Also fir dat, wat een nei kann uschaffen, datt een de Choix huet, wann een an e Geschäft geet, wann ee weess: Wann ech dat dote kafen, kascht dat mech esou vill oder huet dat déi Konsequenzen an dat doten huet vläicht aner Konsequenzen. An an deem Sënn wäerte mer och d'Reglementatioun an d'Iwwergangsbestëmmunge maachen.

Fir de Rescht nach eng kéier Merci fir déi breet Zoustëmmung!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Minister.

Mir këinten dann iwwergoen zum Vott iwwert den Ensemblen vum Projet de loi 7107.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7101 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi per-séinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass elo eriwuer: och hei Unanimitéit. De Projet de loi 7101 ass ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Martine Mergen), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Nancy Arendt), Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Yves Cruchten), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser) et Fernand Kartheiser;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Et bleift mer just nach d'Chamber ze froen, ob mer d'Dispens vum zweete Vott ufroen.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

An da komme mer zum Projet 7111. D'Rapportrice ass d'Madamm Josée Lorsché. Hei geet et ëm d'Zoustellung vun deem „Billet doux“, wann ee vun de Radaren erwëscht gëtt.

4. 7111 - Projet de loi modifiant

1° la loi modifiée du 25 juillet 2015 portant création du système de contrôle et de sanction automatisés

2° la loi modifiée du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques

3° la loi du 19 décembre 2008 ayant pour objet la coopération interadministrative et judiciaire et le renforcement des moyens de l'Administration des contributions directes, de l'Administration de l'enregistrement et des domaines et de l'Administration des douanes et accises

4° la loi modifiée du 23 février 2010 relative à l'application du principe de reconnaissance mutuelle aux sanctions pécuniaires

5° la loi du 5-15 septembre 1807 relative au mode de recouvrement des frais de justice au profit du Trésor public, en matière criminelle, correctionnelle et de police

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.** - Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Projet de loi komme mer bei déi beléifte Radaren. Dozou, fir unzefänken, e puer Zuelen. Zanter dem Akraaftriede vum Gesetz vum Juli 2015 sinn um Lëtzebuerg Stroossereseau am Ganzen 20 fix a 6 mobil Radare a Betrib. Fir d'Joer 2018 si weider 4 fix Radare virgesinn, soudatt mir dann Enn 2018 op en Total vun 30 Radare wärte kommen.

Ëm déi 500.000 Infraktiounen hu mëttlerweil zu engem Avertissement taxé gefouert. Net grad 140.000 vun de geblätzten Autoen waren zu Lëtzebuerg immatrikuléiert an déi aner dann am Ausland. 83% vun de geblätzte Chaufferen hunn hir Amende bezuelt, während 17% vun den Amenden net bezuelt gi sinn. Zuelemeisseg komme mir domat op iwwer 42.000 unbezuelte Protokollen.

Dës Tatsaach werft natierlech d'Fro op, wéi de Stat déi feelend Gelder kann andreiwen, well et net akzeptabel ass, datt déi eng hire Protokoll bezuelen, während déi aner sech aus der Verantwortung schläichen an net mam Ouer geholl ginn. D'Äntwert liwwert dësse Projet de loi, deen d'Prozedur bei engem Avertissement taxé an deem Sënn modifizéiert, datt d'Luuserten net méi ongestrooft dervukommen.

An engens gëtt vun dësem Projet de loi och profitéiert, fir d'Prozeduren a gewëssene Punkten ze vereinfachen. Ech erkläre mech: Anescht

wéi bis ewell soll den éischte Bréif mam Avertissement taxé aus enger Lettre simple bestoan an net méi aus enger Lettre recommandée, wéi mer dat am Gesetz festgehalen haten. Eréischt wann d'Amende no dësem éischte Bréif net bezuelt ginn ass, kënnt et zu enger Lettre recommandée.

D'Contestatioun, op déi eng Persoun sech ka berufen, falls et sech ëm en Iertum handelt, läit an deenen zwee Fäll bei engem Delai vu 45 Deeg. Dat heescht, am Ganzen huet eng Persoun 90 Deeg Zäit, fir ze reklaméieren.

Dës Contestatioun kann um elektronesch Wee erfollegen. Dat heescht, et muss ee sech net extra deplacéieren. Dat leeft iwwert de MyGuichet.lu. Am Fall, wou d'Amende no deenen zwee Bréiwer mat engem Gesamtdelai vun 90 Deeg weder bezuelt nach contestéiert ass, kënnt et zu enger Amende forfaitaire, déi vun initialen 49 Euro op 98 Euro eropgesat gëtt. Dat heescht, d'Amende gëtt verduebelt a gëtt der betroffener Persoun iwwer Lettre recommandée zougestallt. Den Delai, fir ze bezuelen, läit an dësem Fall bei 30 Deeg. E Recours géint dës Decisioun ass an dësem Fall nach just nom Bezuele vun der Amende méiglech a leeft iwwert d'Geriicht.

Sollt et sech erausstellen, datt déi betraffe Persoun onschëlleg ass, kritt se dann den integrale Montant zrëckerstatt. An deem Sënn handelt et sech bei dëser Prozedur, beim Bezuele vun der Amende forfaitaire, ëm eng Consignatioun, déi zrëckbezuelt ka ginn, souzeseen ëm en Han-nerleee vu Geld.

Am Fall, wou d'Persoun nom Delai vun 30 Deeg weder bezuelt nach d'Decisioun contestéiert huet, kënnt den Enregistrement - mir schwätze vum Enregistrement zu Lëtzebuerg, dat ass d'Administration de l'enregistrement et des domaines -, da kënnt déi an d'Spill an zitt d'Amende a Form vun engem Recouvrement an. Dës Prozedur ënnersteet der Autorisatioun vum Procureur général d'État an ass am Code de procédure pénale définéiert.

Konkret leeft se iwwert de Centre commun de la sécurité sociale, deen dem Enregistrement déi néideg Donnéeën vun der Persoun iwwermëttelt. Dobäi ass ze soen, datt deen Transfer vun den Donnéeën ënner enger ganz securiséierter, limitierter a kontrollierter Form erfollegt, fir ze verhënneren, datt Abus bedriwwen gëtt.

Eng weider Neierung betrëfft déi Persounen, déi eng Amende zougestallt kréien, mä net de Chauffer waren. Am Fall, wou den Avertissement taxé net bezuelt gëtt, ginn déijéineg Persounen obligéiert, den Autoritéiten d'Identitéit vum Chauffer matzedeelen, fir datt dann och wierklech bezuelt ka ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, dat sinn a kuerze Wieder d'Hauptpunkte vun dësem Projet de loi, deen den 23. Januar 2016 vum Minister François Bausch deposéiert ginn ass. Neen, 2017 ass en deposéiert ginn. Pardon!

A sengem Avis vum 27. Juni 2017 huet de Statsrot dräi Oppositionen formelles erhuwen. Déi éischt hat domat ze dinn, datt d'Amende forfaitaire net an e Règlement grand-ducal, mä an d'Gesetz muss ageschriwwen ginn. Déi zweet huet sech op den Droit de recours géint d'Amende forfaitaire bezunn. An déi drëtt Opposition op de Principe vun der Non-rétroactivité des peines, dee seet, datt d'Amendes forfaitaires net retroaktiv kënnen agezu ginn.

Här President, d'Nohaltegkeetskommissioun huet dem Avis vum Statsrot Rechnung gedroen an den initialen Text an deem Sënn amendéiert. Weider Avise koume vun der Chambre de Commerce, der Chambre des Métiers an der nationaler Dateschutzkommissioun. D'Detailer dozou fannt Der och a mengem schréffleche Rapport. Den 1. Februar 2018 huet d'Nohaltegkeetskommissioun mäi Rapport eestëmmeg ugehall.

A fir ofzeschlëssen invitéieren ech lech, dësse Projet de loi ze stëmmen, well en dozou féiert, datt jiddweree bei Radarkontrolle gläichbehandelt gëtt an datt kee sech aus der Verantwortung kann zéien. Mat engem Merci un d'Madamm Josiane Pauly an un den Här Guy Heintz, déi eis bei dësem kniwwelege Projet gehollef hunn.

Domat ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun a soen lech, fir dës Woch eng leschte kéier, Merci fir d'Nolauschtenen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. D'Wuert huet den Här Aly Kaes.

Discussion générale

► **M. Aly Kaes (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen de Mët-teg de Projet de loi 7111, deen de Kontrollsystem an de System vun den automatesche Sank-tiounen soll adaptéieren. Mä erlaabt mer fir d'Éischt natierlech, wéi dat sech gehéiert, der